1/2025

# de bulletin

**Editorial vum Patrick Remakel**
Op d'CGFP ass wéi ëmmer Verloos

**Quo vadis Schoulautonomie ?**
Wéi steet et mat der Schoulautonomie ?

**Sozialwalen Mäerz 2025**
Schwiereg Zäite brauchen eng staark Gewerkschaft

**Bildungsbericht 4.0**
E Kommentar



Mäi Choix

sne syndicat national des enseignants cgfp

Fir Iech, mat Iech, zesumme méi staark!

ROOM
*Luxembourg*

**INDIVIDUELLE PLANUNG**

**BERATUNG**

**BEMUSTERUNG AUF WUNSCH**

**LIEFERUNG UND MONTAGE**

**SERVICE APRÈS-VENTE**



# KREATIVE RÄUME, KLAR GESTALTEN

Moderne Bildung erfordert flexible Lernumgebungen, die sich mühelos an unterschiedliche Unterrichtssituationen anpassen.
Mit einer durchdachten Raumgestaltung schaffen wir Orte, die Lernenden und Lehrenden die Freiheit bieten, ihre Umgebung dynamisch und bedarfsgerecht zu gestalten.



11, Um Lënsterbierg - L-6125 Junglinster - Tel: 288 00 11 - info@room-luxembourg.lu - www.room-luxembourg.lu

# Sommaire

debulletin
1/2025


02 **Editorial vum Patrick Remakel**
**Op d'CGFP ass wéi ëmmer Verlooss**

07 **Sozialwalen Mäerz 2025**
**Schwiereg Zäite brauchen eng staark Gewerkschaft**

14 **Communiqué de presse**
**Treffen zwischen der Lehrergewerkschaft SNE/CGFP und dem Ombudsmann für Kinder und Jugendliche (OKaJu)**

16 **Quo vadis Schoulautonomie ?**
**Wéi steet et mat der Schoulautonomie ?**

20 **Bildungsbericht 4.0**
**E Kommentar**

23 **Kampagne**
**Enseignant mat Häerz**

28 **Réunions régionales**

32 **Formation continue IFEN**
**Die Zeit im Kino**

34 **SNE Events**
**Réckbléck an Ausbléck**

# Éditorial

## Op d'CGFP ass wéi ëmmer Verlooss

No e puer intensive Verhandlungsronne si sech eisen Daachverband d'CGFP an d'Regierung iwwer en neie Gehälteraccord fir den ëffentleche Secteur eens ginn, dee fir d'Joren 2025 an 2026 gëllt. An den Ae vum SNE/CGFP handelt et sech bei dësem Gehälteraccord ëm e verantwortungsvollen a verstännegen Accord, deen déi Haaptfuerderunge vun der CGFP berücksichtegt an awer och an déi aktuell Zäite passt.

An dësem Gehälteraccord ass ënner anerem festgehale ginn, dass et zu enger linearer Punktwäerterhéijung vun 2,5% iwwert déi nächst 2 Joer kënnt:

- Am éischte Joer trëtt eng strukturell finanziell Verbesserung vun 2% a Kraaft, an dat réckwierkend mat Effet op den 1.Januar 2025
- Am zweete Joer ginn d'Gehälter beim Staat dann nach eemol ab Januar 2026 ëm 0,5% eropgesat.

Zu der Punktwäerterhéijung ass ze soen, dass dës e vill méi dauerhafte positive finanziellen Impakt fir d'Staatbeamten an -employéen huet, wéi dat de Fall bei enger eventueller « Prime unique » gewiescht wier.

Schonn ier d'Verhandlungen zu dësem Accord ugefaangen hunn, hat d'CGFP ganz kloer an onmëssverständlech zum Ausdrock bruecht, dass dës Kéier kee Wee laanscht eng linear Gehältererhéijung géif féieren.

Et kann een also vu « Mission accomplie » bei de Verhandlunge schwätzen.

Nieft dëser linearer Punktwäerterheijung wäert ausserdeem d'« Majoration d'échelon pour postes à responsabilités particulières » ëm 7 Punkten an d'Luucht goen, an dat och réckwierkend op den 1. Januar 2025. Fir d'Léierinnen an d'Schoulmeeschteren aus dem A2 bedeit dat eng Erhéijung vun der « Majoraion d'échelon pour poste à responsabilités particulières » vu 27 op 34 Punkten, fir déi spezialiséiert Léierinnen a Schoulmeeschter am A1 geet déi Majoratioun vun 30 op 37 Punkten erop.








**Et kann een also vu « Mission accomplie » bei de Verhandlunge schwätzen.**

D'CGFP krut awer och Verbesserunge fir de Logement am Gehälteraccord duerchgesat. Esou gëtt de maximale Betrag fir vun enger Zënssubventioun bei engem Kaf vun enger Immobilie ze profitéiere vun 150.000 op 400.000 Euro erhéicht an och d'Dauer gëtt op 25 Joer eropgesat.

Nieft dëse Punkten, déi natierlech fir all d'Staatsbeamte gëllen, ass den SNE/CGFP awer och zefridden, dass an dësem Accord zwou vu sengen Haaptfuerderunge berücksichtegt goufen:

- Am Enseignement wäert de reduzéierende Facteur vu 36/52 bei der Berechnung vun der Indemnitéit fir eng Iwwerstonn ofgeschaaft ginn. An Zukunft wäerten d'Iwwerstonnen d'nämmlecht bezuelt ginn ewéi d'Stonnen, déi zur regulärer Tâche gehéieren.
- Des Weidere wäert et endlech och zu enger Wäertschätzung vum Titulairesposte kommen. Am Gehälteraccord ass festgehale ginn, dass am « Enseignement fondamental » all « Titulaire de classe » eng « Prime forfaitaire » vun « 185 euros au nombre 100 de l'indice pondéré du coût de la vie au 1er janvier 1948 » kritt.

D'Regierung huet sech an dësem Gehälteraccord awer och engagéiert, fir sektoriell Verhandlunge mat den CGFP-Ënnerorganisatiounen, also och mam SNE/CGFP, ze féieren.

An deem Sënn wäert den SNE/CGFP net laang waarden, fir e Rendez-vous beim Minister vun der « Fonction publique » ze huelen, fir him follgend Fuerderungen « de vive voix » virzedroen:

- dass den aktuelle « Supplément de traitement » vun 20 Punkten « en fin de carrière » duerch en





Allongement vun engem 17. Échelon mat 500 Punkten ersat gëtt

- dass den aktuelle Plafonnement vu 500 Punkte fir Enseignanten « en fin de carrière » opgehuewe gëtt.

Den SNE/CGFP wäert sech awer net nëmme mat engem RDV beim Minister vun der « Fonction publique » zefridde ginn, mee wäert och dorop drängen, eng Reunioun mam Educatiounsminister ze kréien.

Ganz wichteg ass et nämlech, den Detail fir d'Ëmsetzung vun de Punkten aus dem Gehälteraccord, déi den Enseignement betreffen, mam Educatiounsminister ze beschwätzen an dat nach ier déi entspriechend Gesetzestexter deposéiert ginn.

Et muss awer och endlech gehandelt ginn an den Dossiere vum Encadrement vu Kanner mat spezifesche Besoinen, vum Wuelbefanne vun den Enseignanten, vun der Attraktivitéit vum Beruff a vun der Alphabetiséierung op Franséisch, fir nëmmen déi ze nennen.

Léif Memberen, dir gesitt, dass d'CGFP an domadder och den SNE et färdegbruecht huet, an dëse schwéieren Zäiten e gudden Gehälteraccord fir d'ganz « Fonction publique » an och speziell fir d'Enseignantë mat der Regierung auszeschaffen.

Schwiereg Zäite brauchen eng staark Gewerkschaft.

Dofir gitt wannechgelift all är Stëmme bei de Sozialwalen an der « Fonction publique » der Lëscht 6 CGFP-SNE.

Mat syndikalistesche Gréiss,

Patrick Remakel



Patrick Remakel,
President SNE/CGFP














Vanessa Schetgen, Patrick Remakel, Gilles Glesener, Christian Kohnen

Mäi Choix
sne syndicat national des enseignants cgfp

Lëscht 6
CGFP - SNE

# D'Positioun vum SNE/CGFP

## Um professionellen Niveau

### Fir

- d'Bäibehale vum Statut vum Fonctionnaire an der Carrière vum Enseignant
- d'Verteidegung vum aktuelle gesetzleche Rentesystem
- d'Verteidegung vun den Interesse vum Schoulpersonal um professionelle Plang
- d'Bekämpfe vun der Penurie duerch d'Astelle vu brevetéiertem Personal
- en effikasse Schutz vun den Enseignantë géint perséinlech Attacken a Verleumdungen
- d'Steigerung vun der Attraktivitéit vum Beruff op sozialem a materiellem Plang
- eng universitaire Formatioun fir all Enseignant op Masterniveau
- d'Ersetze vum aktuelle «Supplément de traitement» vun 20 Punkten «en fin de carrière» duerch en Allongement vun engem 17. Echelon mat 500 Punkten
- de Cumul vum «Supplément de traitement» an der «Majoration d'échelon» fir e «Poste à responsabilité particulière»
- d'Ophiewe vum Plafonnement vu 500 Punkte fir d'Enseignanten «en fin de carrière»
- d'Bäibehale vun der automatescher Upassung vun de Gehälter a Pensiounen un d'Liewenskäschten an hir reegelméisseg Upassung un déi generell Entwécklung vun de Léin a Gehälter (Index)
- en Ophiewe vun den Inegalitéiten a puncto Besteierung
- eng Valorisatioun vun der «Voie de Préparation» am ESG
- eng weiderféierend Entwécklung vun der Funktioun a Karriär vum IEBS
- d'Astelle vun Ersatzpersonal op 2 Niveauen, Kuerz– a Laangzäitersatz an een deementspriechend ugepasste Stage
- e sënnvoll a kloer verständlech formuléierten, ugepassten an un der Praxis orientéierte «Plan d'études», deen de Besoine vun der haiteger Zäit gerecht gëtt

### Géint

- all Erhéijung vun der Tâche vum Enseignant
- all Versuch, d'Dechargestonnen ze reduzéieren oder ofzeschafen
- e medialen Demontage vum Beruff
- den Ofbau vu sozialen Errungenschafte vum Personal, an der Beruffswelt souwéi an der Pensioun
- den Ofbau vun der Schoulautonomie
- en iwwerdriwwent Amësche vun de Regionaldirektiounen an d'Aarbecht vun de Schoulkommiteeën
- eng schläichend permanent Erhéijung vun den administrativen Tâchen

# D'Positioun vum SNE/CGFP

## Um pedagogeschen Niveau

### Fir

- eng substantiell Verbesserung vum Encadrement vu Kanner mat spezifesche Besoinen oder mat spezielle gesondheetleche Besoinen
- e Stäerke vum Wuelbefannen a vun der mentaler Gesondheet vun den Enseignanten
- en effikasse Schutz vun den Enseignantë géint all Form vu physeschen a psycheschen Attacken
- eng méi grouss Wäertschätzung an der Ëffentlechkeet vun der Aarbecht vum Enseignant
- eng Reduzéierung vum administrativen a bürokrateschen Opwand op e strikte Minimum
- eng Ëmännerung vum Berechnungsmodus vum Contingent, déi zu enger Erhéijung vun de Ressourcë féiert iwwert déi d'Schoule fräi verfüge kënnen
- d'Bäibehale vun der gréisst méiglecher Flexibilitéit bei der Organisatioun vum «Appui pédagogique»
- d'Bäibehale vum aktuelle Modell vun der Hausaufgabenhëllef
- de Fonctionnement vum ganzen C1 nom Modell vum Précoce (1 Enseignant + 1 Educateur «à plein temps» fir all Klass am Cycle 1)
- eng verständlech an transparent Evaluatioun
- d'Bäibehale vum «Enseignant généraliste»
- eng Verbesserung vun der Qualitéit vum schouleschen Ëmfeld
- eng Stäerkung vun der Autonomie vun de Schoulen a Lycéeën
- d'Astelle vun enger «aide administrative» fir all Grondschoul
- d'Bäibehale vum partizipativen a basisdemokratesche Modell vun de Schoulkommiteeën
- en ëffentlechen Debat zum Sproochenunterrecht
- de Prinzip, datt all schoulesch Decisiounen exklusiv vum schoulesche Personal geholl soll ginn

### Géint

- eng ze séier an iwwert de Knéi gebrache generell Aféierung vum Projet ALPHA, ouni awer d'Méiglechkeet vun enger franséischer Alphabetisatioun grondsätzlech a Fro ze stellen.
- en exzessiven administrativen Opwand an all Form vu Kontrollwan
- eng restriktiv Interpretatioun vun der pedagogescher Fräiheet
- eng Educatiounspolitik, déi vun uewen erof diktéiert gëtt, ouni d'Acteuren um Terrain mat anzebannen
- eng onnuancéiert pauschal onspezifesch Digitaliséierung vu Prozeduren, déi keng reell Erliichterung fir d'Enseignantë mat sech bréngt

# D'Positioun vum SNE/CGFP

## Realisatiounen

- d'Ofschafe vum Bewäertungssystem
- d'Erweiderung vum Contingent vun de «Postes à responsabilités particulières» vun 15 ob 30%
- d'Erhéijung vun der «Majoration d'échelon pour postes à responsabilités particulières» ëm 5 p.i. (accord salarial 9.12.2022) an 7 p.i (accord salarial 29.01.2025)
- d'Verlängerung vum «Méchanisme temporaire du changement du groupe de traitement ou d'indemnité» ëm 5 Joer
- d'Sträiche vum reduzéierende Facteur vu 36/52 an der Formel fir d'Berechnung vun der Indemnitéit vun den Iwwerstonnen.
- d'Ofschafe vun der Ënnerscheedung tëscht «Formations continues prioritaires» an «non-prioritaires»
- d'Aféierung vun enger «Indemnité forfaitaire» fir all «Titulaire de classe»

**All Stëmm zielt !**
**Wielt CGFP-SNE !**
**Lëscht 6**



**Patrick REMAKEL**
Instituteur EF depuis 1997 à Hesperange – Cours d'appui
Membre du Comité d'école de Hesperange
Membre de la Commission scolaire nationale
Membre de la Chambre des fonctionnaires et employés publics
Membre du Bureau exécutif de la CGFP
Trésorier fédéral de la CGFP
Président du SNE/CGFP



**Gilles GLESENER**
Instituteur EF depuis 1986 à Mamer – Cycle 2 appui
Membre de la Commission scolaire nationale
Membre suppléant de la Chambre des fonctionnaires et employés publics
Membre du Comité fédéral et du Comité exécutif de la CGFP
Secrétaire général du SNE/CGFP



**Christian KOHNEN**
Instituteur EF depuis 1997 à Steinfort – Cycle 4
Président du Comité d'école de Steinfort
Membre de la Commission scolaire de la commune de Steinfort
Membre de la Commission scolaire nationale
Formateur IFEN
Tuteur Uni.lu
Membre du Comité central du SNE/CGFP



**Vanessa SCHETGEN**
Institutrice EF depuis 2005 à Hesperange - Cycle 1
Présidente de la Commission nationale de l'école fondamentale (CNEF) pour le Cycle 1
Membre de la Commission scolaire nationale
Membre du Comité fédéral de la CGFP
1ère Vice-présidente du SNE/CGFP

## Mateneen no vir !

Eng Eenheet sinn ass immens wichteg. Nëmme wa mir als **Chargéën** aus alle Beräicher zesummenhale si mir staark a kënnen eppes bewegen. Schrëtt fir Schrëtt komme mir esou un eis Ziler a kënnen net ignoréiert ginn.

## Jiddereen zielt !

**Vertraue** berout ëmmer op zwou Säiten. Eis Membere musse sech zu all Moment op eis verloosse kënnen, a sech sécher sinn, dass mir fir si do sinn. Ëmgedréint deet et awer och gutt ze wëssen: eis Memberen sinn do, wa mir si brauchen.

## Mat eis, fir Iech !

Eng Gewerkschaft ouni Dynamik, ass ewéi eng Zopp ouni Salz. Mir brauchen also och d'Dynamik vun eise Memberen. Dofir **gitt een aktiven Deel vum Wiessel** an hëlleft eis d'Situatioun fir all d'Chargéeën zu Lëtzebuerg ze verbesseren!



**Mir als OEE/CGFP fuederen:**

- Schluss mam CDD no 2 Joer !
- Altersdechargen elo !
- Méiglechkeet de Concours ze maan!
- Besser Arbechtskonditiounen !

**GIDD ELO MEMBER BEI DER OEE/CGFP**





**oee**

Organisation des Employés de l'Enseignement CGFP

www.oee-luxembourg.com

email : oee@education.lu

**LxCDM** – Cybersecurity & Data Management

©2003 Luxembourg

FUJITSU Select Expert Server

*Sicht Dir no enger einfacher a sécherer Léisung déi de spezifesche Besoine vun Ärer Schoul entsprécht?*

*Ass Äert Zil et de Studenten z'erméiglechen Texter ze schreiwen, eleng oder zesummen, an der Klass oder doheem, wärend Dir d'Méiglechkeet bitt se vu verschiddene Terminaler ze kréien?*

*Partner vu ville Schoulen zu Lëtzebuerg, mir hunn d'Léisung.*

**Einfachheet vun Benotzung**
D'Studente musse kollaboréieren mat Hëllef vun Tools déi sou einfach ze benotzen sinn wéi d'Verbraucherplattformen, mat deenen se vertraut sinn, oder se schaffen ronderëm d'Tools, déi ugebuede ginn.

**Erliichtert Fernléieren**
Fernléiere wiisst weider a Wichtegkeet an all Plattform déi ofgebaut gëtt muss éischtklasseg Ënnerstëtzung hunn fir vun doheem ze studéieren.

**Grouss Quantitéit vun Daten**
Studenten a besonnesch Fuerscher kreéieren grouss Quantitéiten un Donnéeën déi effizient a mat kompetitive Käschte gehandhabt musse ginn.

**Schützen Studentendaten**
D'Elteren an d'Gesellschaft am grousse Ganzen erwaarden näischt wéi dat Bescht wann et em d'Sécherheet vun hire Kanner kënnt, sou datt de Privatsphärschutz kritesch ass.

*Firwat benotzen d'Universitéiten a Schoulen Nextcloud?*

Nextcloud

*Privat Cloud mat LxCDM*

emile weber
all about your journey

**Group Travel Experiences**

*Voyages en groupe sur mesure*



Pour clubs, associations, écoles, entreprises ou amis & familles...
Notre département groupes est à votre disposition pour vous conseiller.

*Pour plus d'infos scannez ici !*

www.emile-weber.lu

**Département Groupes**

Z.A. Reckschleed
L-5411 Canach

+352 35 65 75-300
groups@ew.lu

sne syndicat national des enseignants cgfp

Fir Iech, mat Iech, zesumme méi staark!

## Pressemitteilung

**Treffen zwischen der Lehrergewerkschaft SNE/CGFP und dem Ombudsmann für Kinder und Jugendliche (OKaJu)**

Am 7. Februar fand ein Treffen zwischen der Lehrergewerkschaft SNE/CGFP und dem Ombudsmann für Kinder und Jugendliche (OKaJu) statt. Ziel des Treffens war es, sich über die Herausforderungen bei der Betreuung von Kindern mit spezifischen Bedürfnissen auszutauschen und gemeinsame Ansätze zur Verbesserung der Situation zu diskutieren.

Im Verlauf des Gesprächs legte die Lehrergewerkschaft SNE/CGFP ihre Sichtweise auf die Problematik dar. Insbesondere wiesen die Vertreter der Gewerkschaft auf die steigenden Anforderungen und die begrenzten Ressourcen hin, die Lehrkräfte bei der Betreuung von Kindern mit besonderen Bedürfnissen an den Grundschulen bewältigen müssen. Sie unterstrichen die Dringlichkeit einer besseren personellen und materiellen Ausstattung, um den individuellen Anforderungen dieser Kinder gerecht zu werden.

Der Ombudsmann für Kinder und Jugendliche erklärte seinerseits seinen Standpunkt und betonte die Bedeutung einer engen Zusammenarbeit zwischen allen Beteiligten, um die Bedürfnisse der Kinder in den Mittelpunkt zu stellen. Er wies darauf hin, dass die Koordination zwischen Schulen, Eltern und zuständigen Behörden von entscheidender Bedeutung sei, um langfristige und nachhaltige Lösungen zu finden.

Das Treffen fand in einer konstruktiven Atmosphäre gegenseitigen Respekts statt. Beide Seiten zeigten sich offen für weitere Gespräche und vereinbarten, den Dialog fortzusetzen, um konkrete Maßnahmen zur Verbesserung der Betreuung von Kindern mit spezifischen Bedürfnissen zu entwickeln.

Die Lehrergewerkschaft SNE/CGFP und das OKaJu bekräftigten ihr gemeinsames Ziel, die Bildungs- und Betreuungssituation für Kinder mit besonderen Bedürfnissen nachhaltig zu verbessern.

Mitgeteilt vom SNE/CGFP, 7. Februar 2025

11-13, rue des Ardennes
L-1133 Bonnevoie
Tél.: +352 48 11 18
Fax: +352 40 73 56
B.P. 2437
L-1024 Luxembourg
sne@education.lu
www.sne.lu



# Quo vadis Schoulautonomie ?

## Wéi steet et mat der Schoulautonomie ?

Mat der Aféierung 2009 vun de gewielte Schoulcomitée mat engem President un hirer Spëtzt, war de Grondstee geluecht fir de Grondschoule Schoulautonomie zouzegestoen. Op manst mol an der Theorie.

Nodeems de Modell vun der Cogestioun scho laang viru senger Verankerung am Schoulgesetz vun 2009 op enger Rei Plazen am Land funktionéiert huet an eng reell Plus-Value fir déi Schoule war, huet dee participativen a basisdemokratesche Gestiounsmodell dunn 2009 endlech eng legal Basis kritt.

D'Schoulcomitée funktionéieren haut an deene meeschte Schoule ganz gutt a leeschten eng wichteg Aarbecht an der Organisatioun an der Gestioun vun eise Schoulen. Et feelt de Schoulcomitéen allerdéngs un Handlungs-spillraum. De Schoulcomité huet net déi néideg Moyene fir geziilt, séier an efficace op Probleemer an Erausfuerderungen um Terrain kënnen ze reagéieren.

Oft, an ëmmer méi, gëtt de Schoulcomité nach just gefrot fir Informatiounen an Instruktiounen, déi vu baussen, vun uewen, erakommen, un d'Schoulpersonal weiderzeginn.

Fir eis Grondschoule besser opzestellen, gëllt et Schoulautonomie zouzeloossen an ze stäerken. Schoulautonomie heescht net, dass jidderee mécht wat e wëll. Neen, Schoulautonomie heescht, dass mir eis als Schoul selwer organiséieren, dass mir déi Decisiounen huelen, déi fir eist Schaffen um Terrain wichteg an domat och richteg sinn. Ëmmer ugepasst un déi jeeweileg lokal Gegebenheeten an un déi reell Besoinen an Erausfuerderungen um Terrain. Schoulautonomie heescht, dass d'Decisioune schoulintern geholl ginn, an dass jiddereen an déi Decisiounsprozesser agebonnen ass, also participativ a basisdemokratesch. Et heescht awer och, dass all d'Membere vun enger Schoulcommunautéit d'Decisioune vun der Schoul matdroen an ëmsetzen. D'Schoulautonomie ass wichteg fir de Profil vun enger Schoul, d'Schoulautonomie ass wichteg fir d'Identifikatioun vun de Kolleeginnen a Kolleege mat hirer Schoul. Eng richteg, authentesch Schoulautonomie, mat där d'Kolleeginnen a Kolleegen hir Schoul selwer kënne gestalten, wierkt sech och positiv op d'Schaffen an op d'Motivatioun vun de Leit um Terrain aus.

Mir stellen allerdéngs fest, dass villes an ëmmer méi vu baussen op eis Schoulen awierkt an domat d'Schoulautonomie schwächt.

Haut, 2025, stellen ech mir d'Fro, ob mir iwwerhaapt nach vu Schoulautonomie kënne schwätzen. Gëtt et nach eng Schoulautonomie ? A wa jo, wou ass se ?

An engem Gestiounsmodell mat enger richteger Schoulautonomie missten d'Schoule selwer decidéiere kënnen, wéi si sech organiséieren. Mat e puer konkrete Beispiller wëll ech beleeën, dass d'Schoulautonomie a Gefor ass, oder op där enger oder anerer Plaz schonn net méi besteet. D'Schoulen däerfen net méi selwer an eegeverantwortlech decidéieren, wéi se hiren Appui organiséieren (wann d'Schoul iwwerhaapt nach Mesures d'appui an hirem Contingent ubidde kann). D'Schoulen däerfen net méi selwer decidéieren, wéi se hir Klassen a Cyclen organiséieren a wéi se d'Kanner opdeelen. A verschiddenen Direktioune geet dat souguer sou wäit, dass d'Schoul mol net méi selwer decidéiere kann, wéi eng Klass a wéi ee Sall kënnt. D'selwecht fir de Punkt vum Appui pédagogique. D'Equippen an de Schoule wëssen am beschten, wou de Schong dréckt a wou den AP am beschte geleescht ass.
A wann eng Schoul decidéiert fir den AP a Leçons d'enseignement direct ze konvertéieren, soll dat genau sou akzeptéiert ginn, wéi deen aneren, méi flexibele Modell.

A wéi ass et mat eise Stonnepläng ? D'Stonnepläng sinn ëmmer d'Resultat vu verschiddene Variabelen an enger ganzer Rëtsch Contrainten. All Schoul huet hire Modell fir d'Stonnepläng opzestellen. Déi lokal Gegebenheete sinn iwwerall anescht a kënnen net mat Notes de service vun uewen erof gereegelt ginn.

D'Enseignante brauche staark Direktiounen, déi hinnen de Réck fräihalen an am Fall vu Konflikter mat Elteren hannert den Enseignante stinn. Mir brauchen Direktiounen, déi sech fir korrekt Aarbechtsbedéngunge fir hir Leit um Terrain asetzen. D'Direktioune solle sech ëm d'Wuelbefanne vun hiren Enseignante këmmeren a sech dofir asetzen, dass déi néideg Ressourcë fir de Schoulbetrib zur Verfügung stinn. An an deene Fäll, wou Enseignante verbal oder physesch aggresséiert ginn, mussen d'Direktiounen direkt a konsequent déi néideg Mesuren huelen, fir hir Leit an de Schoulen ze schützen.

Als SNE/CGFP fuerdere mir scho laang am Kontext vun der Gestioun vun den Enfants à besoins spécifiques eng multiprofessionell Task force fir eis Schoulen. Dës Ekippe mat




Spezialiste missten direkt un d'Schoulen affektéiert ginn an d'Schoule géife selwer an eegestänneg iwwert déi wichteg Ressourcen decidéieren. Domat wär net nëmmen d'Schoulautonomie gestäerkt, mä och déi ganz beschwéierlech a laangwiereg Demarchë fir eng Hëllef bei d'Kand ze kréien, géifen endlech der Vergaangenheet ugehéieren.

Och eise PDS steet net fir Schoulautonomie. Op manst net ënnert senger aktueller Form. (Op d'Fro, ob de PDS a senger aktueller Form iwwerhaapt dat richtegt Instrument ass fir d'Schoulentwécklung virunzedreiwen, ginn ech hei net an). Schonn eleng déi laang a ganz schwéierfälleg Approbatiounsprozedur mat deene villen Instanzen, déi do matschwätzen, beweist, dass et nach laang net eleng der Schoul hiren Entwécklungsplang ass.

Aktuell ass et esou, an déi Entwécklung stelle mir all Dag an eise Schoule fest, dass d'Leit an de Schoulen ëmmer méi nach just Befeelsempfänger sinn, reng Executanten, fir iergendwellech Direktiven, déi vu baussen

erageflu kommen, ëmzesetzen. Mir spieren d'Konsequenz dovun, den Enseignant a seng Aarbecht ginn ëmmer méi devaloriséiert.
Jo, eng gewësse Passivitéit entsteet, well Eegeninitiativen an nei, vläicht och mol onkonventionell Iddien, net erwënscht sinn. Op laang Siicht weist sech da bei ville Kolleeginnen a Kolleegen eng gewësse Resignatioun.

Fir Schoulautonomie opkommen ze loossen, musse mir ganz séier zeréck bei den initiale Grondgedanke vum Modell vun der Cogestioun.

Dee wichtegste Facteur fir Schoulautonomie opzebauen an ze stäerken, ass d'Vertrauen an d'Leit vum Terrain. Leider ass et esou, dass de Kontrollwahn vu verschiddene Regionaldirektiounen et net zouléisst, dass Vertraue kann opgebaut ginn.

Zesumme gëllt et där Entwécklung entgéint ze wierken. Fir d'Schoulautonomie ze stäerke resp. nees opkommenzeloossen, brauche mir nees Vertrauen an eis Aarbecht vun de staatlechen Autoritéiten.

Eegeninitiative kënnen nëmmen an engem gudden a vertrauensvollen Aarbechtsklima entwéckelt ginn. An doru sollte mir alleguer zesumme schaffen. Dass eis Schülerinnen a Schüler, hir Elteren an och mir an eisen Ekippen eis wuel spieren an dass mir zesummen an déi selwecht Richtung ginn.

Ganz wäertvoll sinn och ëmmer déi Austauschmomenter tëscht de Schoulen, de Presidenten, de Schoulcomitéen an hiren Ekippen. Eng gutt Vernetzung tëscht de Schoule mécht d'Leit vum Terrain och méi staark. Flott an innovativ Projeten an exemples de bonne pratique kënne gedeelt ginn.

Wann ech vu Schoulautonomie schwätzen, sinn ech och séier beim Konzept vum Shared Leadership. Ee Konzept, dat mir perséinlech gutt gefällt. Shared Leadership ass ee kooperative Féierungssystem, bei deem d'Kolleeginnen a Kolleegen an eisen Ekippen mat Verantwortung iwwerhuelen. Doduerch entstinn dynamesch Prozesser an de Schoulen. An deene Prozesser entsteet méi Schoulentwécklung, wéi an deem schéinste PDS.

Mir leeën eis Potenzialer mat eise Kompetenzen an den Ekippen zesummen a schaffen an déi selwecht Richtung. Wéi gesot, basisdemokratesch a participativ.

Shared Leadership heescht, dass jidderee wichteg ass, jiddereen engagéiert sech fir seng Schoul. De Schoulcomité koordinéiert déi verschidden Aarbechtsgruppen a Prozesser a suergt domat fir een eenheetlecht a kohärent Bild. Wa jidderee begräift, dass en een Deel vun deem Ganzen ass, a seng Schoul aktiv matgestalte kann, da si mir op der gewonnener Säit.

Fir d'Schoulcomitéen um administrative Plang ze entlaaschten, brauch all Grondschoul onbedéngt eng administrativ Hëllef. D'Comitésmembere solle genuch Zäit hunn, fir sech mat där wichteger Konzept- an Entwécklungsaarbecht um organisatoreschen a pädagogesche Plang kënnen ze beschäftegen.

Ofschléisse wëll ech dës Analyse mat der Feststellung, dass d'Aféierung vun enger lokaler Direktioun an eise Grondschoulen net d'Léisung ka si fir Schoulautonomie opzebauen (cf Projet pilote am Koalitiounsaccord 2023-2028 vun CSV an DP). Eisen aktuelle Modell mat deem gewielte Schoulcomité mat engem President un der Spëtzt funktionéiert gutt a soll gestäerkt ginn. Eise buttom-up Prinzip (NEEN zu den aktuellen top-down Tendenzen) brauch allerdéngs eng seriö a keng Schäin-Schoulautonomie an och insgesamt méi Moyenen.



**De Christian Kohnen ass Enseignant am Cycle 4, President vum Comité d'école, Ecole Fondamentale Steinfort a Member vum Comité central vum SNE/CGFP.**





# Bildungsbericht 4.0

## E Kommentar

Iwwer 200 Säiten ass en déck, den neitste Bildungsbericht. E Bericht, deen den Usproch huet, eng neutral Vue op eise lëtzebuergesche Bildungssystem ze werfen an op Chancen a Risiken hinzeweisen, déi dëse villschichtege System opweist.

No der obligatorescher Pressekonferenz, wou jiddereе sech op d'Schëllere geklappt huet fir déi gutt Aarbecht, déi geleescht gouf, ass bei mir e fade Goût am Mond zréckbliwwen. Nom Motto « im Westen nichts Neues » gouf alt erëm, an dat elo an der 4. Oplag, op d'Onzoulänglechkeete vun eisem Schoulsystem higewisen: net genuch Inklusioun, net gutt genuch ausgebilten a virbereeten Enseignanten, Exklusioun vun enger ganzer Bevëlkerungsschicht wéinst de sproochlechen Defien an net ze vergiessen d'Damoklesschwäert vum 21. Joerhonnert schlechthin: déi sozio–ekonomesch Differenzen / Ongerechtegkeete par Rapport zum Elterenhaus, déi duerch eise Schoulsystem nach verstäerkt ginn.

Net schlecht gewonnert hunn ech mech dunn awer, wéi d'Haaptmesurë vun de leschte Joren an d'Vitrinn gestallt goufen, fir dësen Tatsaachen entgéintzewierken: Kompetenzzentren, international Schoulen an elo geschwënn d'Alphabetiséierung op Franséisch (déi entgéint dem oft benotzte Conditionnel ganz sécher «sauf Cas de Force majeur» wäert kommen).

Well dësen Artikel jo e Kommentar soll sinn, enthalen ech mech hei bewosst perséinlecher Interpretatiounen a vermeiden et souwäit wéi et mir méiglech ass, zynesch ze ginn (Spoiler: et wäert mir net geléngen).

Wann ech awer liesen, dass mir fir d'Inklusioun ze fërdere Kompetenzzentre geschaf hunn (also d'Experten aus de Klassen / Schoulen erausgeholl hunn) fir dann ausserhalb mat de Kanner ze schaffe bzw. sporadesch eng Stënnchen an der Schoul mat hinnen en Atelier ze maachen (oder den Enseignant ze coachen), da verstinn ech d'Welt net méi. Dat als eng Mesure fir d'Inklusioun ze verkafe grenzt da wierklech un Zynismus a gëtt am Rapport och oppen a Fro gestallt. Et wonnert mech an deem Zesummenhang, dass do déi bekannten Associatiounen an och den Ombudsmann net oppe protestéieren, wann dëst einfach onkommentéiert am Raum stoe bleift.

